

Commission du vivre-ensemble interculturel vum

07/02/2024

Presenzen

Présent	Absent
Brandenburger Rosie	Bisenius Jean-Claude (oofgemëllt)
Fernandez Samantha	Block Stefanie (oofgemëllt)
Peiffer Véronique	De Rocco Magali (oofgemëllt)
Pinto Toni	Kaur Narveen (oofgemëllt)
Ruppert Lydie	
Sadler Marie (Sekretärin)	
Ungeheuer – Origer Sylvia	

1. Umeldungen fir den 01/03/2024 beim Ben Ruppert → Croix Rouge

D’Kommissioun gouf vum Ben Ruppert, Responsabel vum primo-accueil zu Beschdrëf, invitéiert fir d’Raimlechkeeten ze besichen.

Vun der Kommissioun gi mat : Toni ; Rosie ; Sylvia ; Lydie ; Véronique

D’Véronique mellt eis beim Ben un.

2. Helpermaart Projet Bustro (Détailer Magali)

Beim Projet Bustro handelt et sech em e Bus deen duerch d’Gemeng fiert a während dësem Tour kann ee Froen iwwer d’Gemeng stellen. Vu dass d’Magali dëse Punkt op den Ordre du jour gesat huet, awer net konnt un der Versammlung deelhuefen, hu mir entschee dëse Punkt op d’nächst Versammlung ze verréckelen.

D’Kommissioun huet sech d’Fro gestallt, op mir sollen e Stand um Helpermaart maachen. Et gouf sech unanime dofir entscheet dass mir kee Stand wäerten maachen.

3. Pakt vum Zesummeliewen

Dëse Punkt gouf och op d’nächst Versammlung reportéiert, well d’Magali méi Informatiounen zu dësem Punkt huet.

4. Wëllkomm Patt fir déi néi Awunner

D’Kommissioun géing et wichteg fannen, wann nees e Wëllkomm Patt fir déi Awunner géing organiséiert ginn. D’Véronique freet beim Schäfte – a Gemengerot no, op si scho geplangt hunn dëst z’organisieren. Falls dëst nach net organiséiert gëtt, wier d’Kommissioun drun intresséiert dëst z’organisieren.

5. Eis Zieler als Kommissioun

Dëse Punkt gouf op déi nächst Versammlung verluecht.

6. Résumé Stäre Verkaaf Chrestmaart

Am grouse ganze gouf et e positive Feedback vun den Awunner vun der Gemeng. D’Iddi ass gutt ukomm an d’Stäre waren och séier verkaf. Bei de Kanner huet een och gesinn, dass mir hinnen eng grouss Freed gemaach hunn. Et gouf festgehal dass mir dëst um nächste Chrëschtmaart nach eng Kéier wëllen organisieren.

7. Fräi Aussproch

Bei dësem Punkt hat all Member d’Méiglechkeet sech auszedrécken. Et gouf driwwer diskutéiert wéi mir als Kommissioun besser kommuniziere kënne fir Mëssverständnisser z’evitéieren. Hei gouf festgehalen dass wat an de Versammlunge beschwat gëtt an de Versammlunge bleift. Falls eng Onkloerheet besteet, soll dëst an den interne Whats App Grupp geschriwwe ginn oder d’Präsidentin kontaktéiert ginn. Et soll evitéiert ginn, verschidde Memberen unzeruffen fir ee géint deen aneren opzestëppelen. Eis ass et wichteg kënne als Kommissioun gutt zesummen ze schaffen!

Bei dësem Punkt hu mir och iwwer de Rock de Stéier diskutéiert. D’Iddi ass et fir dëst Event nees opzebauen. Eng eventuell Iddi wier fir am Daach eppes fir d’Kanner z’organisieren an owes fir Erwuessener. Dëst soll a Collaboratioun mat verschidde Clibb aus der Gemeng stattfannen. Fir d’nächst Versammlung soll jiddereen sech Gedanken zu dësem Event maachen.